N°4374
Entrée le 01.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden.

Besonnesch a rurale Géigende leien natierlech Liewensräim vu wëllen Déieren, Akerland, Bësch a Privatterrainen no beieneen. Bei dësem Zesummeliewe vu Mënsch an Natur muss domadder gerechent ginn, datt et zu Schied un Zonk a private Gäert, awer och u landwirtschaftleche Flächen a Privatbëscher duerch Wëld, wéi Wëllschwäin an Hirsch, ka kommen.

An deem Kontext géing ech follgend Froe stellen:

- Wéi vill Demandë fir d'Entschiedegung vu Schued duerch Wëld sinn an de leschten zwee Joer gestallt ginn? Wéi héich waren déi Zommen déi pro Joer ausbezuelt goufen?
- Wéi vill Fäll vu Wëldschued op privaten Terraine sinn der Regierung bekannt?
- Op wéi eng Hëllef kënne privat Stéit am Fall vu Schued duerch Wëld zeréckgräifen?
- Wéi bewäert d'Regierung d'Méiglechkeet, eng finanziell Entschiedegung fir privat Persounen am Fall vu Schued duerch Wëld anzeféieren, sollt dëst nach net méiglech sinn?

Mat déiwem Respekt

Ben Polidori

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu